



## Assemblée générale ordinaire du 23 mars 2022

### Allocution du président Steve Keipes

Dir Dammen an Dir Hären,  
Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech wënschen iech e schéine gudden Owend. Ech wëll iech all perséinlech Merci soen datt Dir lech Zäit geholl hutt fir op d'Generalversammlung vun der AGC lauschteren ze kommen.

Als éischt heeschen ech den fréieren laangjäregen AGC-Präsident Fernand Muller wëllkomm.

Doriwwer eraus ass et mer wéi di läscht Joeren eng ganz grouss Freed an Eier fir och den Generalsekretär vun der CGFP, den Steve Heiliger, hei op eiser Generalversammlung kënnen ze begréissen. No den 2 unstrengenden Deeg op der Tripartite appréciéieren mer nach méi datt s du bei eis bass.

Wann ech dann weider duerch de Sall kucken, wëll ech awer déi aktuell an all déi fréier Comitésmemberen déi fir d'AGC vill schaffen respektiv geschafft hunn op dëser Plaz net vergiessen.

Normalerweis giffe mer haut nees méi iwwert de Covid-19 schwätzen, mä den 24. Februar 2022 hat den russeschen Präsident awer d'Entscheidung geholl fir eng militäresch Spezialoperatioun an der Ukrain duerchzeféieren. E normale Mënsch schwätzt hei vun enger Invasion a vu Krich. Firwat Russland en souverainen Staat wéi d'Ukrain ugräift, ass rational net erklärbar. D'Reaktioun vun der Weltgemeinschaft ass, a méngen Aen, richtig, genau sou wéi d'Sanktiounen déi géint Russland décidéiert gi sinn. D'Vergaangenheet weist kloer an däitlech datt Krich nie eng Léisung ass an datt en ganz am Géigendeel Trauer a Leed fir jiddferen bréngt. Duerfir hei e ganz kloere Message: Stop War! Now!

D'AGC huet 2021 versicht, wéi dat Joer virdrun, sou gutt wéi méiglech am schwéieren Ëmfeld vun der Covid-19-Pandemie fir hir Memberen ze schaffen. Eis Themen sinn a bleiwen déi selwecht. Mir wärten weiderhin mat Gedold versichen eis Dossieren weiderzeféieren an deemno op en positivt Resultat hinzeschaffen.

De Schwéierpunkt läit nach ëmmer op der Formation générale um INAP. Op eis Ufro hin, hat de Minister Marc Hansen eng Videokonferenz fir den 19. Abrëll 2021 festgeluecht. Bei där Geleeënheet hu mer eist Konzept vun enger Formation initiale présentéiert. Dat huet den Marc Hansen awer net groussartig interesséiert. Fir d'éischt huet hien gefrot ob mir dëst Konzept mat Expertën ausgeschafft hätten an duerno huet en drop verweisen datt séng Expertën am INAP dat besser giffen wëssen. Doduerch datt de Minister guer näischt un der Formation initiale wollt änneren, war e normalt Gespréich net méi méiglech. En fin de compte hu mer vum Minister nach d'Méiglechkeet kritt fir mat den Responsablen vun INAP iwwert déi verschidden Formatiounen ze kucken an herauszefannen ob d'Formatiounen aus eisem Konzept an hirem Katalog erëmzefannen sinn. Dat hate mer acceptéiert an hunn den 15.07.2021 an den 24.09.2021 2 Atelieren an deem Kontext duerchgefouert. Eent ass awer lo schonn opgefall: Déi Formatiounen vum Cycle en management public, respektiv déi vum Cycle préparatoire fir e Carrièreswiessel ginn verschidden Fonctionnairen als normal Formation continue refuséiert, wat an sech net dierft sinn. Do wärte mer weiderhin dohannert bleiwen!

An eisem Programme d'action, dee mer iech méi spéit an eiser Versammlung wärten virstellen, fannt der all déi Themen mat e puer Erklärungen déi mir als AGC wichteg fannen an déi mer an den nächsten Joeren wëllen upaken. Dir krut deen Programm hei denowend a Pabeierform. Kuckt iech en un a spéider kritt der d'Geleeënheet fir Froen ze stellen oder Remarquen ze man!

Nodeems den Coronavirus séng physesch Wierkung gewisen huet, muss ee lo en anere Phänomen feststellen. E gëtt méttlerweil mëssbraucht fir auszegrenzen, ze splécken an ze benodeelegen, besonnesch op der Arbechtsplaz. Ëmmer méi gesäit een an de Verwaltungen datt Fonctionnairen déi sech net impfe loossen oder un Demonstratiounen deel huelen mat massiven Répercussiounen vun hiren Verwaltungsscheffen konfrontéiert sinn. Mir liewen an enger Demokratie mat Meenungsfräiheet. Et kann net sinn dat een diskriminéiert gëtt, wann een eng aner Meinung huet. Natierlech ass et vernünfteg sech impfen ze loossen, mä et soll een awer deenen mat Toleranz a Respekt begéinen, déi dat net maachen. Dat ass och e Virwurf, deen een an dësem Punkt der Regierung muss man. Si huet mat hiren Aussoen dozou bäigedroen datt eis Gesellschaft sech sou extrem splécke gelooss huet.

Neierdénge mussen mer enger anerer Wourecht an d'A kucken: Den Groupe de traitement B1 ass um Wee eng „besser“ Carrière inférieure ze ginn! Sait der Reform vun 2015, déi jo den Groupe de traitement A2 agefouert huet, sinn all d'Attributionen vum B1 méttlerweil an den Groupe de traitement A1, respektiv A2 transféréiert ginn. Déi sougenannten Voie expresse leeft 2025 aus. Do weess och nach keen wat wärd geschéien, mä d'AGC ass ganz kloer fir e Bäibehalen vun dësem Mechanismus. Am Nachhinein kann een haut soen, datt mer zu de Verléierer vun dëser Reform gehéieren. D'AGC huet deemols am Virfeld vun der Reform eng Procédure de litige duerchgezunn. All déi Konsequenzen déi den Fernand Muller an den Thierry Ries deemols opgezielt hunn, sinn lo effektiv Realitéit ginn. Den deemolegen Minister Dan Kersch wollt net dru goen an d'AGC huet no dem Échec vun der Conciliatioun an der Médiatioun den Dossier zougemaach. Dës Situatioun an déi verkierzten Formatioun kéinten iergendwann dozou féieren datt iwwert de Verdénge vum B1 kéint diskutéiert ginn. Do kann ech iech awer verspriechen datt d'AGC sech massiv dogéint wiere wärd an hoffentlech och op d'Ënnerstëtzung vun der CGFP zielen kann. Ech wëll awer betounen datt mer och d'Intressen vum A2 vertrieben an och do weiderhin genau am Bléck hunn wat ugekënnegt gëtt.

Och um Niveau vun der CGFP huet d'AGC matgeschafft an matd'écidéiert: Den Télétravail, deen säin Notzen a séng Efficaciteit am Confinement bewisen huet, ass nëmmen nach vum Artikel 19bis am Statut virgesinn an huet kee legale Kader méi. Dowéinst ass den Télétravail jo vun all Verwaltungschef anescht gehandhabt ginn. Dësen Ëmstand huet dozou gefouert datt d'CGFP eng Arbechtsgrupp zesummegehallt huet fir Propositionen fir e legale Kader auszeschaffen. An den 2 Réunioun vum 20.05.2021 an 09.06.2021 war d'AGC mam Daniel a mat mir représentéiert. Am Comité fédéral vum 11.10.2021 goufen d'Propositionen vum Arbechtsgrupp ugeholl. D'AGC huet dofir gestëmmt, well déi insgesamt 24 Propositionen alles ofdecken wat iergendwéi mam Télétravail ze dinn huet. Eisen Sekretär den Daniel wärd iech härno a sénger Présentatioun dat Dokument virstellen. Den Dossier luech eng gutt Zäitche am Ministère, mä d'CGFP huet awer rezent e Pabeier kritt a mir hoffen datt all d'Propositionen berücksichtegt gi sinn.

Kuerz no eiser Generalversammlung vum läschten Joer gouf e neit Gehälterofkommens ausgehandelt. Op enger Conférence des comités extraordinaire den 04.03.2021 huet den Bureau exécutif vun der CGFP dat Dokument présentéiert an ofstëmme gelooss. Et handelt sech ëm en zolitten Accord fir d'Joeren 2021 an 2022, deen dat garantéiert wat mer aktuell hunn awer deen och vill Inconnuen mat Analysen an Arbechtsgruppen dran huet, wou een net weess wat am Endeffekt dobäi rauskënnt. Ee Punkt, dee vun der Harmonisatioun vun C an D ass awer schon ofgeschloss. Well am Ëmfeld vum Covid-19 net méi méiglech war, huet d'AGC majoritär dofir gestëmmt mat der Remarque datt näischt Spezielles fir d'Groupes de traitement B1 an A2 virgesi war. D'Gehälterofkommens gouf schlussendlech mat 92,5% vun de Stëmme guttgeheescht. Den Daniel wärd a séngem Rapport nach eng Kéier am Détail op den Text agoen. 2023 wäerte mer dann dësen Exercice widderhuelen an d'AGC steet der CGFP natierlech mat Rot an Dot zur Sait.

Well d'Konsequenzen vum Krich an der Ukrain net laanscht Lëtzebuerg ginn, huet d'Regierung d'Tripartite aberuff. Gëschter an haut waren di éischt Réuniounen, déi dann och ganz laang gedauert hunn. Mir befannen eis an enger Krisesituatioun an dofir ass et ménger Meenung och richteg datt dëst Instrument agesat gëtt. Et muss eng Léisung géint déi héich Inflatoun an Energiepräisser fonnt ginn. Den Knackpunkt an dësen Verhandlungen wärd den Index sinn. Et dierft awer net sinn datt lo rëm, wéi an der Tripartite am Dezember 2021, d'Resultat an d'Décisionen nees am Viraus feststinn an nach proforma mateneen geschwaat gëtt. Ganz aktuell ass et lo an der zweeter Réunioun zu engem Accord tëscht den Verhandlungspartner komm. D'CGFP wärd eis bestëmmt an den nächsten Deeg iwwert d'Détailler informéieren.

Wéi all Joer an och well mer 2 fräi Plazen an eisem Comité hunn, maachen ech den Opruff un all déi Leit sech ze mellen di Loscht hunn an der AGC matzeschaffen. Jiddereen ass wëllkomm a mir si frou iwwert jiddereen deen interesséiert ass bei eis am Comité derbäi ze sinn.

Um Schluss hunn ech dann no 2 Joer rëm de Plaiséier fir iech all no der Generalversammlung op e kale Patt an e gudde Maufel z'invitéieren. Dat gehéiert einfach op eng Generalversammlung an dorobber freeën ech mech lo schonn ganz besonnesch!

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet!